

## **Evangelium vum 6. Sonndeg vun der Ouschterzäit (Joer B)**

### **Joh 15,9-17**

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat lech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

- <sup>9</sup> De Jesus sot zu senge Jünger:  
"Esou wéi de Papp mech gär huet,  
esou hunn och ech iech gär.  
Bleift a menger Léift!
- <sup>10</sup> Wann dir iech u meng Geboter haalt,  
da bleift dir a menger Léift,  
esou wéi ech mech u mengem Papp seng Geboter halen  
an an senger Léift bleiwen.
- <sup>11</sup> Dëst hunn ech iech gesot,  
fir datt meng Freed an iech ass,  
a fir datt är Freed vollkommen ass.
- <sup>12</sup> Dat hei ass mäi Gebot:  
Dir sollt een deen anere gär hunn,  
esou wéi ech iech gär hunn!
- <sup>13</sup> Et huet kee méi eng grouss Léift wéi deen,  
deen säi Liewen hiergëtt fir seng Frënn.
- <sup>14</sup> Dir sidd meng Frënn,  
wann dir dat maacht, wat ech iech gebidden.
- <sup>15</sup> Ech nennen iech net mäi Kniecht,  
well de Kniecht weess net, wat sain Här mécht.  
Ech nennen iech Frënn,  
well ech hunn iech alles matgedeelt,  
wat ech vu mengem Papp héieren hunn.
- <sup>16</sup> Net dir hutt mech auserwielt,  
ma ech hunn iech auserwielt an derzou bestëmmt,  
datt dir higitt a Fruucht drot,  
an datt är Fruucht bleift,  
fir datt de Papp iech dat gëtt,

wourëms dir hien a mengem Numm frot.

- <sup>17</sup> Dat hei gebidden ech iech:  
Dir sollt een deen anere gär hunn!"

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*